



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 09:21, 29/01/2021

Lëtzebuerg, den 29/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

An engem RTL Artikel vum 29.01.2021, maachen Journalisten op eng Grupp vun Enseignanten an Sympathisanten opmierksam déi sech ënnert der Form vun der Organisatioun "Nues am Wand" zesumme gedoen hunn, an déi maske-fräi Klassesäll fuerderen.

Um Site vun der Organisatioun liest een Saachen ewéi, "Covid-19 féiert net zu enger Surmortalitéit" an dass Virussen am Allgemengen net gesondheetsschiedegend wieren : "Das Modell eines krank machenden Virus hat sich im Laufe der Medizingeschichte als nicht haltbar erwiesen."

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Déi éischt Beitrag um Blog vun der Organisatioun si vun Oktober 2019 (deemools nach iwwert aner Themen ewéi Covid).

Hat de Ministère scho virum RTL Artikel Kenntnis iwwert dës Organisatioun?
Huet de Ministère Kenntnis doriwwer op Enseignanten déi uewe genannten Theorien un d'Kanner weiderginn?

2. Wat fir Konsequenzen zitt de Ministère aus déser Organisatioun?
Hält de Minister dës fir eenzel Fäll oder fir eng eescht ze huelend Gruppéierung?
3. Wei kann de Minister den Eltere garantéieren, dass an de Schoulen a Lycéeë just Fakten iwwert Covid-19 un d'Schüler vermittelt ginn?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 29 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3535 du 29.01.2021 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen - Organisatioun "Nues am Wand"

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Selon les dispositions de l'article 84 de notre règlement, l'urgence n'a pas été reconnue, de sorte que ladite question est à considérer comme question écrite, conformément aux dispositions de l'article 82.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés